PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/07/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kommunikatioun a Medien weiderzeleeden.**

An der parlamentaresch Fro n°633 hat ech de Premierminister a Minister fir Kommunikatioun a Medie gefrot, wéi d'Deelen oder d'Publizéiere vu Werbung op Social Media ënnerhalb der Regierung gereegelt ass. De Premierminister huet doropshin op den Artikel 78 vun der Konstitutioun verwisen, dee beseet, dass d'Ministere fir hir Aktioune responsabel sinn. Och wann juristesch gesinn d'Akte vun de Ministeren domadder eng Base légale hunn, ass domadder net meng zweet Fro beäntwert, ob all Regierungsmember seng Werbung och selwer verwalt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Iwwerhuelen déi eenzel Regierungsmemberen d'Käschte vun hire online Beiträg selwer oder benotzen si dofir Ressourcë vum Staat (Fonctionnairen, Personal oder Budget)?

2. Falls ee Budget fir d'Promotioun vun de Ministeren op Social Media virgesinn ass, wéi héich ass dëse fir all Minister?

3. Ginn d'Regierungsmemberen an iergendwellecher Form vun internen oder externe Beroder an der Gestioun vun hire Social Media Accounts ënnerstëtzt? Falls jo, geschitt dëst op Base vum Staatsbudget?

4. Existéiert ënnerhalb vun der Regierung ee Code de Deontologie, deen d'Benotze vu Social Media vun den eenzele Ministere reegelt?

5. Ass den Här Premierminister der Meenung, dass d'Regierungsmemberen onbegrenzt Gebrauch vum Artikel 78 vun der Konstitutioun maache solle fir zum Beispill bekannt ze maachen, dass si eng aner Meenung, wéi déi vun der Regierung vertrieden?

6. Ënnerstëtzt den Här Premierminister och, dass de Numm vu grousse Versécherungsgesellschaften oder de Numm vu Schongbutteker, mat deene Ministeren eng wirtschaftlech Verbindung hunn, an esou Beiträg optauchen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange